Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Echternach	17.00	Daffeier fir Benedikt Manske
Echternach	17.00	Viowendmass (Muttergotteskapell) abbé Camille Perl
Moersdorf	18.00	Viowendmass
Godbrange	18.30	Viowendmass JM Jean-Pierre Wehr

Sonntag, 21.12.

Girsterklaus	09.00	Mass Fürsprache der Muttergottes von Girsterklaus (G.T)
Echternach	09.00	Mass Marianne Bischof
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / Maria a Jos Wohner-Schmit a René Wohner
Steinheim	10.30	Mass Fam Schiltz-Schenten
Junglinster	10.45	Mass
Echternach	11.45	Daffeier fir Ivar Panzilius Reis
Echternach	18.30	Owesmass Maria Hilges



Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 7 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.

De nächste Parbréif kënnst de 21.12.2025 eraus a geet bis den 22.02.2026.

Redaktiounsschluss 28. November 2025**Kontakt****Francis Erasmey**, Paschtouer a Moderateur, ☒ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 ✉ ferasmy@pt.lu**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 ✉ carlo.morbach@cathol.lu**Luc Schreiner**, Paschtouer, ☒ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052**Anise Metz**, Parassistentin, ☎ 720149 ✉ aimetz@pt.lu**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 ✉ josiane.mirkes@education.lu**André Mendes**, Sekretär, ☒ 12, Porte St Willibrord

L-6486 Echternach, ☎ 720149 ✉ iechternach@cathol.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,

☎ 26720376, ✉ luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 | iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op**Moies:** vun Dënschdes bis Freides 10-12 Auer**Mëttes:** Dënschdes + Donneschdes vun 14-16 Auer | Mëttwochs vun 16-18 Auer

Vum 22.12.25 - 05.01.26 as de Parbüro zou

Iwwer Telephon si mir ereechbar**Büro Parzenter Lënster**

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**De Büro zu Lënster ass an de Schoulvakanzzen zou!****Konto Massintentiounen:****BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**

Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer**Um Internet:**eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

Chrëschttag an eiser Par



Mëttwoch, 24.12.

Bech	11.00	Gottesdéngscht
CIPA-Lënster	11.00	Mass fir Helleg Owend
Junglinster	15.30	Krëppespill
Berdorf	16.00	Chrëschtmass
Junglinster	17.00	Familljemass
Echternach	17.00	Familljemass
Rospport	17.00	Chrëschtgottesdéngscht
Hemstal	18.00	Chrëschtmass
Steinheim	18.00	Chrëschtgottesdéngscht
Born	18.30	Chrëschtmass
Beaufort	20.00	Chrëschtmass
Echternach	23.00	Metten
Mompach	23.00	Metten

Donneschdeg, 25.12.

Girsterklaus	08.30	Hierdemass
Echternach	09.00	Chrëschtmass
Rodenbourg	09.30	Chrëschtmass
Echternach	10.30	Chrëschtmass
Osweiler	10.30	Chrëschtmass
Junglinster	10.45	Chrëschtmass
Echternach	18.30	Chrëschtmass

Freideg, 26.12.

Echternach	10.30	Mass
Herborn	10.30	Chrëschtmass
Breidweiler	10.45	Chrëschtmass

Christi Geburt, Kirchenfenster Rospport 1952,
Künstler unbekannt. © Tom Osborne

Die Echternacher Reliquien und ihre internationale Vernetzung

Wir sind Aintzane Erkizia, Professorin an der Universität des Baskenlandes (Spanien), und Justin Kroesen, Professor für Kulturgeschichte an der Universität Bergen (Norwegen). Im vergangenen August besuchten wir die Basilika St. Willibrord in Echternach, da wir zur Zeit eine kunsthistorische Untersuchung über die Überführung von Reliquien von Trier und Köln aus über Flandern nach Spanien im 16. und 17. Jahrhundert durchführen. Als wir die Basilika im letzten Jahr besuchten, weckte der kleine Raum mit den Reliquien an der Westseite der Kirche unser Interesse. Wir konnten ihn jedoch nicht betreten, da wir niemanden vorher kontaktiert hatten, der uns die gläserne Tür öffnen konnte. Angesichts der Bedeutung dieser Reliquiensammlung für unsere Forschung sprachen wir jedoch im Laufe des Jahres mit Frau Anise Metz und erhielten nicht nur die Erlaubnis, den Raum zu betreten, sondern Herr Norbert Stors machte sich auch die Mühe, Detailaufnahmen zu machen und uns zu schicken, damit wir sie uns genau ansehen konnten. Auf

diesen Fotos sahen wir etwas, das unsere Aufmerksamkeit besonders auf sich zog: kleine Wachssiegel zur Authentifizierung der Reliquien, und wir beschlossen, noch einmal hinzufahren.

Die wahre Überraschung und Freude kam, als wir am 18. August dieses Jahres persönlich die Reliquienkammer besuchten. In einem der Reliquiare, befinden sich zwei Knochen, die mit kleinen roten Wachssiegeln authentifiziert sind, die genau den Siegeln entsprechen, die wir bereits in Melsbroek (Belgien), in Orduña (Bizkaia, Baskenland) und in Martioda (Álava, Baskenland) gefunden hatten. Mehrere dieser Reliquien gehören zu den Märtyrern der Thebanischen Legion, die von Sankt Mauritius angeführt wurden und wegen ihrer Weigerung, heidnische Götzen anzubeten, den Märtyrertod starben. Ihre Hauptgruft befindet sich unter der Basilika Sankt-Paulinus in Trier. Dank dieser Siegel können wir schließen, dass die Reliquien von Echternach, Melsbroek, Orduña und Martioda miteinander in Verbindung stehen, da sie alle aus Trier stammen.



Von links nach rechts: die Siegel aus Echternach, Melsbroek und Martioda

Welche Geschichte erzählen uns diese Reliquien und ihre Siegel?

Im 16. und 17. Jh. kam es im Kontext der Religionskriege, die Europa heimsuchten, zu einem massiven Verkehr von Reliquien. Die spanische Monarchie, die als Hochburg des Katholizismus galt, war daran interessiert, Reliquien von Heiligen zu „retten“, um zu verhindern, dass sie in die Hände der Protestanten fielen. Hochrangige spanische Militärs sammelten so viele Reliquien im deutschen Rheinland und in Westfalen, um sie in ihre Paläste und Privatkapellen in Spanien zu bringen. Da sich der spanische Hof in Brüssel befand, blieben einige dort, während viele andere nach Spanien gelangten.

So schickten beispielsweise der Sekretär von König Philipp IV., Juan de Nocolalde, und seine Frau Antonia Hurtado de Mendoza, die um 1640 in Brüssel lebten, einige wunderschön bestickte Schädel nach Martioda, einem Dorf nahe der Stadt Vitoria-Gasteiz, Baskenland. Esteban de Gamarra, Feldherr und Botschafter desselben Königs, tat dasselbe und schenkte dem Klarissenkloster von Orduña einige Reliquien, die er in Trier erworben hatte. Es ist unbekannt, wie die anderen Reliquien nach Melsbroek und Echternach

gelangten, aber alle diese heiligen Objekte teilen einen Teil ihrer Geschichte und sind miteinander verbunden, da sie von denselben Personen authentifiziert wurden.

Unsere Forschung besteht darin, herauszufinden, wer diese Personen waren und wohin sie diese Reliquien gebracht haben, und dabei spielen die Reliquien von Echternach eine sehr wichtige Rolle. Deshalb sind wir Frau Metz und Herrn Stors sehr dankbar, dass sie uns eine der bisher wichtigsten Entdeckungen unserer Forschung ermöglicht haben.

Diese Forschung macht deutlich, dass Reliquien nicht nur einen hohen spirituellen Wert haben, sondern uns auch ermöglichen, die Interessen und Sehnsüchte unserer Vorfahren und ihre Hoffnung auf eine Auferstehung nach dem Tod mit Hilfe der Heiligen, deren Gebeine sie betrachteten, zu verstehen und zu vermitteln. Die Reliquien von Echternach gehören damit zu einem großen europäischen Netzwerk, das uns daran erinnert, dass wir zwischen Luxemburg, Deutschland, dem Baskenland und Norwegen auf eine gemeinsame Geschichte zurückblicken können.

Aintzane Erkizia Martikorena (Vitoria-Gasteiz, Spanien) und Justin Kroesen (Norwegen)



Reliquienkopf aus Martioda (Baskenland)



Ein Reliquiar in Echternach



Aintzane Erkizia

Liestipp...

Stefan Kiechle

Sieben Todsünden

Ignatianische Impulse, Bd. 96

Echter Verlag, Würzburg 2023, 96 Seiten, 9,90€



Wat ass Sünd? Am Kader vun eiser Willibrordus-Oktav wollte mir eis mat dem Chouergestill vun der Basilika beschäftegen. De Biller-Programm, deen do realiséiert gouf, huet och eppes mat de Sünde vum Mënsch ze dinn. Wat sinn also Sünden? Wat sinn déi sougenannt Doudsënner? An dësem klengen Buch vum Stefan Kiechle, dat elo schon e puer Joer al ass, ginn des Doudsënner ënnersicht a gedeit. No dräi Abschnitter iwwer d'Sünd am Allgemengen, beim hellegen Ignatius an an der Geschicht ginn dann déi siwen Doudsënner jee weils no engem Schema presentéiert: an der Bibel - an der Traditioun - beim Ignatius - an der Géigewart - Dugenden.

Wat ass also eng Sünd? Sünd ass ee Verhalen, dat engem ee Schued bréngt: mir selwer, engem aneren, engem Grupp oder Vollek oder och der ganzer Mënschheet. Sünd ass also ee Geschéien an enger Bezéiung. (S. 8.) Sünd entsteet ëmmer dann, wann ech mech selwer an d'Plaz vu Gott setzen an duerch mäin Handelen eppes Schlechtes maachen.

Den hellegen Ignatius vu Loyola huet sech intensiv mat der Sünd beschäftegt. Dat sträicht den Auteur (Member vum Uerde vun de Jesuiten) ervir a stellt et och vir. Mä och an der Moralthologie spillen d'Doudsënner zënter ville Joerhonnerten eng wichteg Roll. Ëmmer nees gouf sech domat beschäftegt an iwwerluecht, wat fir Auswierkungen dat sündegt Verhalen vum Mënsch hätt. (3. Kapitel)

Déi siwen Doudsënner hunn all eng Wuerzel an der Bibel, wou si mat Beispiller erwänt ginn. Bäi der éischter Sünd, der "Völlerei" kann een un dee Räichen denken am Géigesaz zum aarme Lazarus. Mä och aner Beispiller loosse sech an der helleger Schrëft fannen. An der chrëschtlicher Traditioun gëllt des Doudsünd quasi als Mamm vun alle Sünden a léist eng reegelrecht Flut vu weidere Sünden aus. Haut kucke mir dofir vläicht éischter op déi ongesond Ernährung, déi munch Mënschen un den Dag leeën. An de kierchleche Reie gouf als Pendant zur Doudsünd vun der "Völlerei" dann d'Faaschte gesinn. Des Dugend hu mir dann haut och realiséiert a sou munche Programmer fir eng besser Ernährung assw.

An änleche Schrëtter ënnersicht de Stefan Kiechle dann all déi Doudsënner a stellt si vir. Déi siwent Doudsünd, d'"vana gloria", d'"Ehrsucht" ass sécherlech haut och nach ëmmer en Thema. wa mir déi sozial Media kucken, da kann ee wuel vun engem reegelrechte Boom vun dëser Doudsünd schwätzen. Wéi vill Mënschen, op jonk oder eeler, sinn dagdeeglech domat beschäftegt, fir sech selwer duerzestellen. Ëmmer nei Biller vun sech ginn an d'Netz gestalt an da waarden déi betreffend Leit op ee "like" oder ee Kommentar. Wat méi, wat besser! "Vana gloria" ass wuel haut eng vun deenen heefegsten a modernen Doudsënner. Grad hei lount et sech, fir eng Kéier am Eescht doriwwer nozedenken.

Ee virlescht Kapitel gëllt dann der Wuerzel vun alle Sünden, der "superbia", dem "Hochmut". "Dieser Hochmut ist gleichsam ein Ego-Hochmut" (S. 80) schreift den Auteur. Domat huet hie wuel ganz recht. All Sünde kommen

aus dem Wonsch, fir selwer als dichteg a grouss do ze stoen. All Mëtzel sinn da gutt, fir sech dat ze beschafen. "Hochmut" ass en Narzissmus. (S. 81) De Mënsch wëll méi an anescht sinn, wéi en a Wierklechkeet ass. E leeft an der Illusioun, dass hien eleng um richtege Wee ass. Hie vergëttert sech selwer. Genee dat kann een haut an engem extreme Moos an deene sougenannte soziale Medie gesinn: Ech sinn hei. Ech sinn dee Groussen an Dichtegen. Dat gëtt et an alle gesellschaftleche Schichten. Dat gëtt et an eiser Kierch. Dat gëtt et iwverall. Ëmmer muss deen opgeblosene "Ego" zur eraus gestalt ginn.

Des Iwwerleeunge féieren den Auteur da schliisslech zu enger Opléschung vun neien Doudsënnen. Mat engem liichte Laache kann een déi zum Deel liesen. Si sinn awer duerchaus och eescht gemengt a verleeden zum verdéiften Nodenken.

Peter Schallenger Glauben und Handeln aus Gottes Liebe

Das apostolische Glaubensbekenntnis im täglichen Leben

Bonifatius Verlag, Paderborn 2025, 144 Seiten,
18,- €



Wat ass eigentlech genee d'Chrëschtentum? Dat freet sech den Auteur gläich um Ufank vu sengem Buch. 325, also virun 1700 Joer gouf um Konzil vun Nicäa dat grousst Glawensbekenntnis a senger éischer Fassung formuliert. Mä wat ass Glawen? Wat bedeit et, dass ech u Gott oder u Jesus Christus gleewen? Formelen si séier "opgesot". Awer wat bedeiten si? Wat soen si mir ganz perséinlech a wat sinn d'Konsequenzen doraus fir mech? Mir sinn och haut nach ëmmer séier do a "bekennen" eise Glawen. Awer, wa mir da solle beschreiwen an erklären, wouran dee Glawe besteet a wat dee soll haut bewierken, da komme mir schon an d'Laberenten. Et ass nawell guer net einfach ze erklären, wat mir als Chrëschte gleewen a wat sech doraus fir eisen Alldag ergëtt. Natierlech gleewe mir warscheinlech dorun, wa mir soen, dass mir u Gott gleewen, dass et op der anerer Säit vun eiser siichtbarer Welt nach een oder eppes gëtt, deen/dat eventuell eppes vun eis erwaart. Mä wien a wat soll dat sinn? De Peter Schallenger versicht a sengem Buch genee déi Froen ee bëssi opzeschlësselen an och verständlech ze maachen, wat eise Glawen am Chrëschtentum dann haut kéint heeschen.

A 6 Kapitele stellt hien déi Haaptaussoe vum sougenannten Apostolesche Glawensbekenntnis vir an deit si op eist aktuell Liewen an Handeln. Et ass fir hie ganz entscheidend wichteg, dass et net duer geet just eppes ze bekennen. Et mussen sech aus deem Bekenntnis Maxime fir eist Handeln erginn, déi eist Liewen als Chrëschte bestëmmen a leeden. Dobäi werft hie schonn ëfters ee ganz kritesche Bléck op eist modernt Liewen. Mir mussen eis eben och als Chrëschten a Fro stellen. Mat dem Bléck op beispillsweis déi aktuell Fro iwver d'Aschreiwen vum Avortement an d'Verfassung, wier et duerchaus wichteg sech net nëmme vun ideologesche Gedanke leeden ze loossen, mä fir och méi déif a fundamental Froen ëm d'Liewen un sech

an ze dauchen. De Mënsch ass nu mol net eng "Saach". Hien ass eng Persoun. Freet sech natierlech vu wéini un an och wéi. Ab wellechem Zäitpunkt ass ee Liewe vun engem Mënsch eng Persoun? De Mënsch muss hei Faarf bekennen. "Mit uns kommt Gott jeweils neu zur Welt." (S. 33) Seet den Auteur. Fir Chrëschten ass dat eng wichteg Erkenntnis an Ausso. Wat wëll si mir elo soen? Jidderee muss do seng Äntwert fannen an och dofir Verantwortung iwwerhuelen.

D'Liewe vum Mënsch ass seele riicht an onni Bréch. (Vgl. Hans Blumenberg, Schiffbruch mit Zuschauer, Frankfurt 1997) De Mënsch ass ëmmer iergendwelleche Geforen ausgesat. Hie muss handelen. Wa mir eis also zu Christus bekennen, da musse mir gesinn, dass d'Liewen ëmmer nees vun eis verlaangt, dass mir eis zum Liewe positionéieren. Freed a Gléck, Fridden a Gerechtegkeet falen net vum Himmel. Dat musse mir selwer duerch eisen Asaz versichen ze schafen. Den Auteur werft ee ganz éierleche Bléck op de Mënsch, deen duerchaus net esou fein ass. "Er ist böse, hinterhältig, grausam, aggressiv, bösartig." (S. 86) A genee dat verlaangt, dass mir duerch eise "Glawen" versichen all déi schlecht Momenter an eis ze iwwerwannen. Dat ass net ëmmer ganz evident. Mä et weist eis, dass ee réngt Bekenntnis net duer geet. De Glawe bekenne muss sech an eistem Handelen am Alldag weisen. D'Bekenntnis muss eng Wierkung op eist Liewen hunn. Un sech steet dann d'Fro am Raum: Wat ass mir helleg? Am Glawensbekenntnis verséchere mir, dass mir ënner anerem gleewen, dass de Mënsch Gott helleg ass. Mä ass de Mënsch eis selwer nach helleg? Wou kann de Glawen u Gott sech ëmsetzen a konkret Dote vu Léift? Wou ass méi Léift méiglech duerch eis? (Vgl. S. 119) Eist Bekenntnis am Glawen u Gott huet deemno och Auswierkungen op eist Liewen an Handelen an der Gesellschaft, an der Kierch, mä och am Staat. Et lount sech mam Peter Schallenger doriwwer nozedenken.

Meinrad Walter

Das klingende Kirchenjahr

Geistliche Musik für alle Sonn- und Feiertage, Lesejahr A

Herder Verlag Freiburg 2025, 192 Seiten, 20,- €

Mat dem éischten Adventssondeg fänkt een neit Kierchejoer un. De Meinrad Walter, een ausgewisene Musekswëssenschaftler, präsentéiert a sengem ganz gudden Buch fir all Sonndeg ee Wierk aus der Welt vun der klassescher Musek, dat d'Thema vum Sonndeg bzw. vum Evangelium oder deenen anere Liesungen opgräift. Op jeeeweils zwou Säite gëtt eng kuerz Aféierung an d'Feier vun dem Festdag a vun deem ausgewielte Museksstéck. Zum Schluss vun all Presentatioun gëtt et ee QR-Code, deen een op eng gutt Opnam vun der Musek verweist. Hei kann een da gemittlech dëst Wierk lauschteren an dobäi meditieren. Ech fannen, dass dëst eng ganz schéin Iddi ass, fir sech am Laf vum Joer mat deenen eenzelnen Feierdeeg musikalesch ze beschäftegen. D'Buch ass een echte Begleeder duerch d'Kierchejoer.

Carlo Morbach



Concerten an eisen Kierchen

22.11. | 20.00 | Burer Kierch

Wanterkonzert Burer Musik

14.12. | 17.00 | Lënster Kierch

Chrëschtkonzert Lënster Ouerwierm

19. 12. | 20.00 | Basilika

„Singende, klingende Basilika“

*Felix Mendelssohn-Bartholdy: Verleih uns Frieden | Karl Kempster: Pastoralmesse
Michael Haydn: Gebt ach, ihr Hirten | Joseph Schnabel: Transeamus
Robert Führer: Viderunt omnes fines terrae | Sigismund von Neukomm: Puer natus est nobis
Georg Friedrich Händel: Tochter Zion: | Robert Führer: Stille Nacht*

- Uergel: Jos Majerus, Titularorganist vun der Basilika
- Orchester « Estro Armonico » (Konzertmeister: Guy Goethals)
- Basilikachouer Eechternoach

Leedung: Marc Juncker, Dirigent vun Basilikachouer Eechternoach

16.12. | 17.00 | Lënster Kierch

Chrëschtkonzert lechternacher Musikschoul

26.12. | 17.00 | Gonnerenger Kierch

Benefizconcert Divertimento





Lënster
Kierch

21.12.25

Concert | 17:00

an der Jonglënster Kierch

*CHRISTMAS CAROLS
LES AMIS DU CHANT*

*Fränz THEIS, direction
Laurent FELTEN, grand orgue*

*Entrée : 25€
(Enfants & étudiants gratuits)*

*Eintritt: 25€
(Kinder und Studenten gratis)*



Crémant série limitée

Cuvée 250 Joer

1 Fläsch 0,75L = 20,00€
6 Fläsch 0,75L = 110,00€
1 Magnum 1,5L = 50,00€

Bestellt äre Crémant a kritt en ab 6
Fläsche gratis heem geliwwert
(awer just an der
Gemeng Jonglënster).



org: D'Frënn vun der Lënster Kierch



Mehr Informationen unter:
Pour plus d'informations :

www.LensterKierch.lu

Dëst & dat...

Parbüro

vum 22.12.25 - 05.01.26 as de Parbüro zou. Iwwer Telephon (720 149) si mir ereechbar.
Le bureau paroissial est fermé du 23.12.24-06.01.25.

Wiertesmassen - Gemeng Rouspert-Mompech

Fir d'Natur an d'Ressourcen ze schützen an onnéidegen Energieverbrauch z'évitieren, sinn an der Heizperiod d'Kannergottesdingschter Méindes an der Schoulzäit um 18.00 an d'Mass Freides um 18.30 ëmmer an der Burer Kierch. Hei fënnt och jiddereen eng Parkplaz bei der Kierch an t'kënn ee flaach eran. Dënschdes moies ass d'Mass weiderhi wéi gewinnt zu Uesweller.

Verkaf vu Käerzen

Den **6. an 7. Dezember** (2. Advent) ginn an de Kierchen aus der Gemeng Lënster dei traditionnell Käerzen vun OTM (Objektif Tiers Monde) verkaf. Den OTM schafft zënter laangem fir Haiti, e Land daat nach ëmmer op Hëllef ugewisen ass.
Eng Käerz kascht 12 €.

Eechternoacher Massdéiner

Stäerenaktioun 2. Adventssondeg 7. Dezember

Och dëst Joër kënn' Dir nees de aarme Kanner a Latäinamerika eng Freed maachen, andeems dir e Stäer vu Pro Ninos Pobres kaaft. Symbolesch fir d'Deelen, dekoréieren dës Stäeren d'Chreschtbeem an der Basilika. Verkaf fir a no de Massen.

Chrëstmoart

D'Eechternoacher Massdéiner invitieren Iech och dëst Joer op hiere Stand um Chrëstmoart, den **12. - 14. Dezember**. Mir waarde mat eisen traditionelle Spezialitéiten - Knippercher, Cre-19, Roségühwäin, Chreschtbéier, Chreschtkaarten, etc. - op Iech!

Thé Dansant

D'Chorale Ste Cecile vu Lënster invitiert op hiren "Thé Dansant",

Sonndes, de 30. November

am Centre Gaston Stein zu Lënster
vun 15.00 bis 20 Auer

mam Orchester "Los Amigos"

Entrée: ab 14.30 Auer an der Mëtteskees



Adventsfenster Iechternach

D'Fraen a Mammen Iechternach décoréieren eng Adventsfenster am Kaplounshaus. Wann Dir an d'Basilika gitt (bei der Trap zur Parkplaz Decker hin), da bleift een Ablack stoen a kuckt iech déi schéin Fënster un.



Adventsfensteren an der Gemeng Konsdref Fenêtres de l'Avent dans la commune de Consdorf

#Adventsfenster2025GemengKonsdref

#Adventsfenster2025

2025



Org.: Oeuvres St Barthélemy Consdorf



OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF a.s.b.l
soutient
**l'Action paquets de Noël pour familles nécessiteuses
en Roumanie et en Ukraine
du 01. - 15. 11.2025**

de la société

KANNER- A FAMILIJENHËLEF a.s.b.l.
(Aide aux enfants et aux familles)

RCS: F10515

Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm / Tél. : 661 309 320

CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000



Gratis Këschte gëtt et vum 1. November un op de Sammelplazen an an de Kierche vun der Par Regioun Iechternach St Willibrord. Wgl d'Këschte mat deenen hei ënnen opgelëschte Saache fëllen.

Cartons gratuits aux points de collecte et dans les églises de la "Paroisse Regioun Iechternacht St Willibrord" à partir du 1^{er} novembre 2025.

Les paquets devront contenir les denrées alimentaires/objets suivants :

1 kg Zocker/sucre	1 kg Miel/farine	1 kg Räis/riz
1 kg Spaghetti/spaghettis	1 kg Schmull/semoule de blé	500 g Margarinn/margarine
250 g gemuelene Kaffi/café moulu	Friichtentéi/tisane aux fruits	Kichelcher/biscuits
2 Fëschkonserven/conserves de poisson	4 Päckelcherszoppen/sachets de soupe déshydraté	
250 g Bak-Kakao/cacao nature	2 x Vitaminbrausetabletten/comprimés effervescents de vitamines	
3 Päck Bouillonsküben/paquets de bouillon en cube		Kichelcher/biscuits
400 g Schockela/chocolat		Kamellen/bonbons
1 Chrëschtkaart/carte vœux pour Noël		

Aplaz eng gefëllte Këscht ofzeliwweren, kënn Dir och en Don (40 € pro Këscht) un d' „Kanner- a Familijenhëllef a.s.b.l.“ iwwerweisen.

Au lieu de remettre un carton rempli vous pouvez faire un don de 40,- €/paquet à KANNER- A FAMILIJENHËLEF asbl.

CCPLLULL : LU61 1111 7038 8755 0000

All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.

Tout autre don pour couvrir les frais de transport est le bienvenu.

Gesammelt ginn ausserdiem a guddem a propperem Zoustand :

On accepte aussi les objets suivants en état correct et propre :

waarm Decken/couvertures chaudes

Spillsaachen/jouets

Buggyen/ poussettes

komplett Kannerkutschen/ landaux complets

Kannerbetter mat Matrass an Decken/lits pour bébés avec matelas et couverture

Kannervéloen/vélos pour enfants

Mir soen Iech am Virus e ganz häerzleche Merci.

Nous vous remercions chaleureusement.

Sammelplazen/Points de collecte :

ORIGER	56, rue Hicht	Consdorf	☎ (691) 79 08 09
BUREAU PAROISSIAL	12, Porte St Willibrord	Echternach	☎ 72 01 49



Walfahrt fir Jugendlech a jonk Erwuessen

an der Willibrordusoktav

Dënschdes 12.11. | Basilika | 18.30 Auer

Jugendmassen

fir all Jonker

Sonnesowes | 18.30 | Basilika

30.11.25 - 11.01.26



Date mat Gott

Gebiet an Austausch fir Jugendlecher
vun 12 Joer un

Iechternach Basilika | 18.00

09.12.25 - 20.01.26



Firmtreffen

Virbereedung fir Jugendlech op d'Firmung

Iechternach Basilika | 18.00

18.11.25 - 16.12.25 - 27.01.26

Lënster Parzentrum (15, rue du Village) | 18.00

25.11.25 - 06.01.26.

Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376
Parbüro: ☎ 720 149 📧 iechternach@cathol.lu



Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, all 14 Deeg Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Befort** an der Kierch, all 14 Deeg Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdénsgcht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lénster** an der Kierch: all Freides 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Bur** Méindes 18.00 Auer Kannergottesdénsgcht

An de Schoulvakazen si keng Kannergottesdénsgchter

Kannergottesdénsgcht Willibrordus-Oktave

All Kanner sinn häerzlechst invitéiert,
zesummen mat hiren Elteren, Famill a Frënn.

Mëttwochs 12. November | 18.30 | Basilika

Seenen vun de klenge Kanner

De Willibrord ass de Patréiner vun de Kanner, dofir sinn och déi ganz Kleng (0-6 Joer) an hir Familljen an hir Frënn häerzlechst invitéiert an der Willibrordusoktave.

Freides 14. November | 17.00 | Krypta



© Luc Schreiner

Dat (Vir-) Lescht



Begeistert kommt der Sohn aus dem Bibelunterricht: „Mutti, ab heute reden wir nur noch mit Bibelworten untereinander!“ Die Mutter schmunzelt und ist einverstanden. Am nächsten Morgen weckt sie ihren Sohn: „Jüngling, ich sage dir: Steh auf.“ Worauf dieser antwortet: Frau, meine Stunde ist noch nicht gekommen!“

„Was braucht man zum Angeln?“, will Alois von einem Angler wissen. „Eine Angelrute, einen Eimer, Würmer, Geduld und zwei lange Arme.“ – „Wozu denn die langen Arme?“ – „Um seiner Frau zu demonstrieren, wie groß der Fisch war, den man beinahe gefangen hat.“

TIM & LAURA [www. WAGHUBINGER . de](http://www.WAGHUBINGER.de)





Concert en l'honneur de St Willibrord

Récital d'orgue par Jos Majerus

Mercredi 12 novembre
20h00 Basilique St Willibrord

Programme

Johan Sebastian Bach (1685-1750)	Fantasia et Fuga in g BWV 542
Jehan Alain (1911-1940)	Le Jardin suspendu (1934)
César Franck (1822-1890)	2e Choral en si mineur (1890)
Jos Kinzé (1918-2003)	Toccata Francese Thema mit Variationen
Théodore Decker (1851-1930)	Offertoire
Dom Paul Benoît (1893-1979)	Petits Préludes sur le chant grégorien « Gaudeamus » : <i>Calme - Allegro - Andante</i> <i>Adagio mystico - Energico - Avec simplicité</i> <i>Andante religioso - Maestoso - « Orientale »</i> Paraphrase sur « Schau, heil'ger Apostel »

Entrée libre